N° 5844
Reçue le 01.03.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.03.2022

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **drénglech** parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert vum 1. Mäerz 2022 op déi parlamentaresch Fro Nummer 5601 zu der Entwécklung vun de Covid-19-Fäll bei de Kanner a Jugendlechen an zu eventuellen zousätzleche Moossname schreift den Här Educatiounsminister ënner anerem, dass „opgrond vun der favorabeler Evolutioun vun den Infektiounszuelen […] eng Rei vu Lackerunge vun de sanitäre Mesuren agefouert“ goufen. Hie verweist op d’Ofschafe vun der Quarantaine an déi nei Dispositioune ronderëm d’Sortie aus dem Isolement. Dës Mesurë wieren och an de Schoulen ëmgesat ginn, heescht et weider.

Doriwwer eraus schreift den Här Minister : „Parallel zu der Entwécklung an eise Nopeschlänner wäerten d’Moossnamen an de Schoulen nach eng Kéier virsiichteg adaptéiert ginn, dëst nodeems am Laf vun der leschter Woch sämtlech Schoulpartner consultéiert goufen.“

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Wat sinn d’Conclusioune vun de Consultatioune vun de Schoulpartner ?
- Wéi eng Upassunge sinn an de Schoule geplangt ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5844 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1) an 2)**

Déi favorabel Evolutioun vun den Infektiounszuelen huet effektiv eng Lackerung vun de sanitäre Mesuren erlaabt: Esou goufen duerch d'Gesetz vum 11. Februar d'Quarantänen ofgeschaaft an nei Dispositioune ronderëm d'Sortie aus dem Isolement agefouert.

D'Unzuel vun de Schnelltester gouf ab dem 7. Mäerz op een Test pro Woch limitéiert.

Mam Gesetz vum 11. Mäerz 2022 gouf d'Maskeflicht an de Schoulen opgehuewen, an déi peri- a paraschoulesch Aktivitéite konnten erëm ouni Restriktiounen organiséiert ginn.

Zanter dem Enn vun der Ouschtervakanz fënnt keen Testing méi an de Schoule statt.

Wéi an der Vergaangenheet goufe sämtlech Schoulpartner virum Akraafttriede vun dëse Mesurë consultéiert.

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH